N°5497
Reçue le 15.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, de Monsieur le ministre des Classes moyennes, Lex Delles, à la question parlementaire n°5497 du 13 janvier 2022 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet du manque de terrains pour les activités artisanales

D'Terrainen, déi an nationalen oder regionalen ekonomeschen Aktivitéitszone leien, ginn am Kader vun der Landesplanung definéiert, an déi, déi a kommunalen Zone léien, ënnert Oploen, am Kader vun deene jeeweilege kommunale Bebauungspläng.

An den ekonomeschen Aktivitéitszone kënne just déi Aktivitéiten autoriséiert ginn, déi am Groussherzogleche Reglement vum 8. Mäerz 2017 betreffend de Contenu vun engem allgemenge Bebauungsplang vun enger Gemeng definéiert sinn, respektiv am allgemenge Bebauungsplang vun enger Gemeng.

Wat déi erlaabten Aktivitéiten ugeet, ass et ganz kuerzfristeg net geduecht, dee betreffende Groussherzogleche Reglement vum 8. Mäerz 2017 ze änneren. Am Kader vun der Adoptioun vum Gesetzprojet iwwert den Developpement vun den ekonomeschen Aktivitéitszone wäert de Sujet vun den Aktivitéiten, déi an deenen Zonen zoulässeg sinn awer sécherlech thematiséiert ginn.

Grenziwwerschreidend Aktivitéitszone sinn en Modell deen nëmme limitéiert ëmsetzbar ass a komplex ass well dee Moment an enger Aktivitéitszone d'Recht vu verschiddene Länner sech applizéiert. Souwuel um Niveau vun der Landesplanung, de Bebauungspläng wéi och den Autorisatiounen an dem Aarbechtsrecht ginn et Ënnerscheeder. D'Betriber entscheeden sech meeschtens bewosst fir den Territoire vun deem engen oder anere Land.

Luxembourg, le 15/02/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot